N°4076
Entrée le 05.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro N° 4076 vum 8. Mee 2026, vum honorabelen Deputéierten Här Dan Hardy zum Sujet "Situation des personnes à l'identité non clarifiée et des personnes apatrides au Luxembourg".**

1. **Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Leit mat ongekläerter Identitéit an/oder Nationalitéit vun 2015 bis 2025 inclus op Lëtzebuerg komm sinn, a wéi ville Fäll déi Identitéit/Nationalitéit konnt nodréiglech gekläert ginn a wéi vill Leit a sou enger Situatioun sech aktuell insgesamt zu Lëtzebuerg ophalen?**

Eng zu engem bestëmmte Moment ongekläert Identitéit an/oder Nationalitéit bedeit just, datt déi néideg Dokumenter oder Confirmatiounen nach net virleien. D'Regierung verfüügt iwwer keng zentraliséiert an eenheetlech Statistik, déi fir d'Joren 2015 bis 2025 all Persounen erfaasst, déi „mat ongekläerter Identitéit an/oder Nationalitéit" op Lëtzebuerg komm sinn a wou dës eventuell nodréiglech gekläert gi sinn.

2. **Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi enge Staaten déi betreffend Persounen, wou d'Identitéit nodréiglech gekläert gouf, zougeuerdent goufen, ëm wéi vill Persounen (an absolutten Zuelen) et sech jeeweils gehandelt huet an a wéi ville Fäll si konnten an déi Staaten zeréckgefouert ginn?**

Dës Kategorie vu Persoune gëtt net als eegestänneg administrativ Kategorie erfaasst. Et kann deemno keng esou Tabell presentéiert ginn.

Eng nodréiglech Klärung vun der Identitéit oder Nationalitéit féiert och net automatesch zu enger Réckféierung.

3. **Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill staatelos Persounen zu Lëtzebuerg tëschent 2015 an 2025 strofrechtlech verurteelt goufen a wéinst wéi engen Delikter?**
4. **Wéi héich ass den Undeel vu staatelose Persounen am Verglach zu der Gesamtzuel vun eisen Awunner? Wéi presentéieren déi Zuelen sech am Verglach zu eisen dräi Nopeschlänner?**

Esou eng Tabell kann net vun der Regierung presentéiert ginn.

Eng Persoun där hir Identitéit oder Nationalitéit net gekläert ass, ass nämlech och net gläichzestelle mat enger staateloser Persoun (engem Apatride).

Lëtzebuerg huet d'Konventioun vun New York vum 28. September 1954 iwwer de Statut vu staatelose Persounen am Joer 1960 ratifizéiert. Laut Artikel 1 vun dëser Konventioun ass eng staatelos Persoun eng Persoun, déi keng Nationalitéit huet an déi kee Staat no senger Gesetzgebung als säin nationale Bierger ugesäit.

Wann d'Direction générale de l'immigration d'Apatridie vun enger Persoun feststellt, gëtt der betraffener Persoun en Titre de voyage pour apatrides ausgestallt.

Vu 2020 bis 2025 goufen 11 Titres de voyage pour apatrides ausgestallt.

Wat de Justizministère betrëfft, ginn et nach Donnéeën zu Persounen, déi am Kader vun enger Prozedur d'lëtzebuergesch Nationalitéit kritt hunn an dobäi als staatelos registréiert waren. Dës Statistike sinn ëffentlech disponibel a betreffen awer nëmmen nationalitéitsrechtlech Prozeduren. Se kënnen dofir net als global Statistik iwwer staatelos Persounen zu Lëtzebuerg consideréiert ginn.

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden